Lëtzebuerger
# duerf
fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement

# „Gönne dich dir selbst"

An eise Besënnungsdeeg vun der KMA den 19. bis den 21. Februar zu Himmerod am Klouschter vun den Zisterzienser, huet de Pater Ignatius eis agefouert mat engem Bréif, deen de Bernard vu Clairvaux un de Poopst Eugène III. geschéckt huet. Dëse Poopst war ee vu senge Mönchen zu Clairvaux gewiescht, ier hien zum Poopst gewielt ginn ass. Säin Numm wor Bernhard Paganelli. En ass am Joer 1145 zum Poopst gewielt ginn, an en huet bis zu sengem Dout 1153 als Eugen III. geherrscht. De Bernard vu Clairvaux war mat der Wahl vu sengem Mönch zum Poopst iwwerhaapt net averstan. E war net iwwerzeegt, datt den Eugen III. senger Aufgab gewuess wär, an duerfir huet en him dann dee Bréif do geschriwwen, dee geheescht huet: „Gönne dich dir selbst". De Schluss vun dësem Bréif resuméiert am Fong geholl dat, wat hien him wollt soen. „Denk also daran: gönne dich dir selbst. Ich sage nicht: tu das immer. Ich sage nicht: tu das oft. Aber ich sage: tu das immer wieder einmal. Sei wie für alle anderen auch für dich selbst da, oder jedenfalls sei es nach allen anderen."

A senger Schrëft gëtt de Bernard vu Clairvaux also sengem deemolege Mönch, dem Poopst Eugen III., de Rotschlo wéi e seng Aufgabe kënnt bewältegen, ouni selwer an eng Krankheet ze falen, déi mir haut „burn out" nennen. Ze vill ass zevill, an dat ass eppes wat et net nëmme bei de Manager gëtt. Och an enger Zäitschrëft vun der protestantescher Kierch iwwer d'Pfarrer an d'Pfarrerinnen heescht et: „Die Klage über ein Zuviel an Beschäftigung, über ein Übermaß an Arbeit, kennen Pfarrerinnen und Pfarrer sowohl aus Gesprächen mit Gemeindemitgliedern als auch aus der eigenen beruflichen Praxis."



An ech mengen, dat ass tatsächlech esou. Et kann een net ëmmer zu allen Zäite fir jiddwereen voll zur Verfügung stoen. Et brauch een och Momenter, wou een sech kann zréckzéien. Et ass net fir näischt datt de Benedikt, de Mönchsvater vun Nursia, a senger 7. Uerdensregel gesot huet: et soll een sech net akeile loossen, et soll een sech net aspäre loosse vun Terminer a vun Aufgaben, mä et soll een ëmmer erëm Zäit hunn fir Gott. Seng Aacht-Stonnen-Regel, déi mer jo kennen (8 Stonne bieden, 8 Stonne schaffen, 8 Stonne schlofen), déi ass net fir näischt esou geholl ginn.

Wann den Text «Gönne dich dir selbst» och fir mech a fir dech e Sënn huet, da soll en eis tatsächlech dëst un d'Häerz leeën: erfollegräich Aarbecht setzt viraus datt de Mënsch eben net nëmme schafft, ma och Pause mécht. Dat ass schonn an der Schëpfung esou. Et ass e Sonndeg virgesinn an en Alldag.

„Gott schuf den Menschen, zu seinem Bild schuf er ihn, er schuf ihn als Mann und Frau" Gen. 1,27. Dat heescht datt de Mënsch, am volle Sënn vum Wuert, soll eng Bildung kréien; duerfir brauch en Raum an Zäit fir iwwert sech an déi Welt, an där en dran ass, nozedenken. E brauch déi Begéinung mat Gott, mat de Matmënschen, e brauch e Liewens- an en Aarbechtsstil, deen em Zäit gëtt fir ëmmer erëm nei zu sech selwer ze fannen. En ass also e Mënsch dee vill mat anere Mënschen ze dinn huet, e brauch awer och Zäit fir sech. Dat trëfft fir jiddwereen zou.

Am Prediger 3,1 steet: „Ein Jegliches hat seine Zeit und alles Vorhaben unter dem Himmel hat seine Stunde."

Jo, ech mengen do huet de Bernard vu Clairvaux scho Recht wann e weider fiert: „Ja, wer mit sich selbst schlecht umgeht, wem kann der gut sein? Denk also daran. Gönne dich dir selbst."

***Fernand Huberty***
*Aumônier*

Jongbaueren a Jongwënzer/Landjugend 5, avenue Marie-Thérèse, L-2132 LUXEMBOURG
www.jongbaueren.lu – Tél. 44743-252 – Fax: 44743-563 – E-mail: landjugend@pt.lu
CCPLLULL: LU12 1111 0040 0831 0000 – Jorescotisatioun: 14€

**5/2016**
**Mee**

*Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l.*

# Vereinfachung vun der Struktur vun eisen Associatiounen




Opgrond vun den Iwwerleeungen, déi de 14. Mäerz 2015 op der „Journée de réflexion" zu Miedernach an an den doraus ervirgaangenen Aarbechtsgruppen (Sekretariat, Verbandszeitung, Sensibiliséierungsaarbecht am Kader vun der ONG-D) gemaach gi sinn, ass – ënner anerem – proposéiert ginn, fir d'Struktur vun der „Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer" un déi aktuell Gegebenheeten unzepassen.

Déi definitiv Decisioun, fir dëse Schratt ze goen, gouf op den dësjärege Generalversammlunge vun de regionale Gruppen, resp. Memberorganisatiounen (Cliärref, Dikrich, Furen, Maacher, Süden, Uewersauer, Zenter) a vun der ONG-D zur grousser Majoritéit ugeholl.

Deemno sinn op den extraordinäre Generalversammlungen, déi de 15. Abrëll 2016 am Lycée Technique Agricole zu Ettelbréck ofgehale goufen, ënner anerem d'Opléisung vun der „Lëtzebuerger Landjugend a.s.b.l." an der Daachorganisatioun „Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l." virgeholl ginn. D'Elementer, déi déi béid Associatiounen ausgemaach hunn, sinn an den iwwerschaffte Statute vun de „Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer" verankert.

Mat der Statutenännerung vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer (15. Abrëll 2016) dréit déi aus deenen dräi Associatiounen zesummegestallten A.s.b.l. dann och den Numm ***Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren*** (kuerz: LLJ a.s.b.l.):

*Generalversammlung vun der LLJ vum 15. Abrëll 2016*

# E wichtege Schratt am Liewe vun der LLJ



*Mat groussem Geschéck huet de Remy duerch den Owend gefouert, esou datt déi geplangte Statutenännerunge virgeholl konnte ginn*

Op den dësjärege Generalversammlunge vun den Associatioune vun der Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer, déi de 15. Abrëll 2016 am Festsall vum Lycée Technique Agricole vun Ettelbréck ofgehale goufen, koum et mat der Opléisung vun der Lëtzebuerger Landjugend an der Daachorganisatioun Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer (LLJ – JB & JW), respektiv der Statutenännerung vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer (LJB & JW) zur geplangter Restrukturatioun vun eisem Verband. D'Elementer déi déi béid Associatiounen ausgemaach hunn, goufen an de Statute vun der aktualiséierter As.b.l. ***Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren*** (virdrun LJB & JW) verankert.

De Remy Harpes huet vun 2012 un, d'Funktioun vum President am Daachverband LLJ – JB & JW assuréiert. Mat der Opléisung vun der LLJ – JB & JW huet de Remy och e Schlussstréch ënner säin Engagement am Verband gezunn. Mir soen him hei e ***ganz ganz grousse Merci***, fir säin exemplarescht Wierken am Interessi vun eisen Associatiounen an deene Jonke vum Land!

## Usprooch vum ofttriedende President Remy Harpes

Léif Membere vun der ***Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren***,

Ech begréissen Iech haut den Owend ganz häerzlech op der dësjäreger Generalversammlung vun eisem nationale Verband – enger ganz besonnescher General-



*De Remy Harpes (1.v.l.) um Virstandsdësch op der Generalversammlung vum 15. Abräll 2016*

versammlung. Fir richteg misst ech eigentlech soen: op der Generalversammlung vun eisen nationale Verbänn. Mee dat wëlle mir jo haut änneren.

Uff..., wäerten der vill hei am Sall denken! Déi Leit, déi eis national Generalversammlunge kennen, wëssen dass se ëmmer e bësse schwéierfälleg waren, well mir jo an engem Owend dräi Versammlungen hu missen duerchboxen.

Déi Leit aus dem Nationalcomité wëssen deemno, ëm wat et haut den Owend geet. An de Generalversammlunge vun de regionale Landjugendgruppen ass och schonn driwwer ofgestëmmt ginn. Haut den Owend wëlle mir also aus eisen dräi nationalen ASBL-en – der *Lëtzebuerger Landjugend, de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* an der Daachorganisatioun *Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer* – eng eenzeg maachen!

U sech ass et eng Saach, déi iwwerfälleg ass, well mir jo schonn zanter Joren, wéi ee Veräin funktionéieren. Éier dës Vereinfachung vun eiser Struktur an Ugrëff geholl gouf, sinn awer och Bedenke formuléiert ginn, well gefaart gouf, datt entweder d'Aktivitéite vun der Landjugend, respektiv vun de Jongbaueren ze kuerz komme kënnten. Am Nationalcomité gouf sech awer déi néideg Gedanke gemaach an ech menge kënnen ze soen, datt déi geplangte Statutenännerung, deem Rechnung dréit.

Esou schwéierfälleg, wéi eis Generalversammlung ëmmer war, war och Villes op administrativem Plang: Konte féieren, Transferte vu riets no lénks an ëmgedréint – fir datt alles seng Richtegkeet sollt hunn – d'Opdeele vun de Fraisen, d'Aschreiwungen am Registre de Commerce et des Sociétés, asw., asw.,...



Eis Administratioun wäert mat der Vereinfachung vun der Struktur ganz sécher manner komplizéiert ginn. Dëst war jo och den eigentlechen Ustouss, fir déi ganz Saach unzekuerbelen.

Dat ass och am Hibléck op de Poste vun eisem Permanent ze gesinn, deen äis elo nach vum Bistum zur Verfügung gestallt gëtt. Et weess awer keen, wéi laang dat nach de Fall wäert sinn! Ech géif dann hei gären dovunner profitéieren, fir all deene Leit Merci ze soen, déi sech vun der *Journée de réflexion* un, an deem Aarbechtsgrupp engagéiert hunn.

Fir mech ass et och eng ganz besonnesch Generalversammlung well ech mat dëser e Schlussstréch ënnert meng „Carrière"[1] an der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* zéien. Wou ech dat – no all deene Joren, wou ech derbäi war – op de Pabeier geschriwwen hunn, muss ech agestoen, datt et mir awer e bësse schwéier gefall ass. Ech hu jo awer – an do sinn ech net eleng hei am Sall – meng ganz Jugend mat deem Veräin gelieft.

Et ass mir allerdéngs net baang ëm d'Landjugend an d'Jongbaueren, wann ech gesinn, wéi grouss den Engagement an eisem Verband ass.

Komme mir awer elo zu eisem eigentleche Programm vum Owend. Ech hunn lech virdru vu schwéierfällege Generalversammlunge geschwat ..., abee dës gëtt och nach esou eng!

[1] ***Vun 2001 – 2009:***
*Sekretär vum regionale Landjugendgrupp Zenter*
***Vun 2006 – 2010:***
*Nationalpresident vun der Lëtzebuerger Landjugend*
***Vun 2012 – 2016:***
*President vun der Daachorganisatioun Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer*

*42. Landjugenddag zu Biekerech*

# Sech zesummendinn, fir eppes ze erreechen

## *Usprooch vum Nelly Meyers, Nationalpresidentin vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l.*

*Léiwen Här Äerzbëschof,*
*léif Éieregäscht,*
*léif Frënn a Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend*

Et ass fir mech eng grouss Éier, lech haut bei äis hei zu Biekerech ze begréissen!

Dëst Joer ass et nees um Landjugendgrupp Zenter fir de Landjugenddag ze organiséieren. Fir mech selwer ass et souzesoen en Heemspill, well ech niewent menger Funktioun als Nationalpresidentin vun der Lëtzebuerger Landjugend och Member vum Comité vun eisem regionale Landjugendgrupp Zenter sinn. Ech ka mech nach gutt drun erënneren, wéi den Zenter säi viregte Landjugenddag viru 7 Joer zu Ell organiséiert huet. Deemols war ech en neie Member vum regionale Grupp a war faszinéiert vun der ganzer Aarbecht, déi jonk Leit op benevolem Niveau geleescht hunn, fir e flotte Rallye mat Spiller am ländleche Raum op d'Been ze stellen.

Léif Leit – a virun allem – léif Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend,

Mir läit déi aktuell Situatioun an der Welt besonnesch um Häerz. Mir ginn all Dag an de Medien domat konfrontéiert, datt vill Familljen aus hire Länner flüchte musse mat der Hoffnung, bei äis en neit Doheem ze fannen. Dofir loosst äis dëse Mënsche weisen, datt d'Landjugend jiddereen akzeptéiert an ophëlt, egal wou déi Persoun hierkënnt a wéi eng Hautfaarf si huet.

Bei äis Jugendleche steet jo dat, wat mir gemeinsam erreechen am Virdergrond. Mir maachen dat mat Spaass. Doduerch kënnen déi schrecklech Entwécklungen, déi an der Welt – an och an deene leschte



*V.l.n.r: D'Nelly Meyers, Presidentin vun der Lëtzebuerger Landjugend, mam Här Buergermeeschter Thierry Lagoda a mam Fränz Kass, President vum regionale Landjugendgrupp „Zenter"*

Méint hei an Europa geschitt sinn – fir e kuerze Moment zur Niewesaach ginn.

Léif Leit,

Vill vun lech hunn et scho matkritt, datt eis dräi Associatiounen, deemno *d'Lëtzebuerger Landjugend, d'Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* an d'Daachorganisatioun *Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer* op hiren dësjärege Generalversammlungen op organisatoreschem Plang grouss Ännerungen an d'Weeër geleet hunn. Et ass deemno de 15. Abréll am Lycée Technique Agricole zu Ettelbréck beschloss ginn, fir eng eenzeg grouss A.s.b.l. zeréckzebehalen, déi elo d'Bezeechnung *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* – kuerz LLJ – dréit. Mat der Vereinfachung vun eiser Struktur gëtt deenen aktuelle Gegebenheete vun eisen Associatioune Rechnung gedroen. D'LLJ gëtt vun 2 Presidente geleet.

Dem Remy, dee laang Joren d'Funktioune vum Nationalpresident vun der *Lëtzebuerger Landjugend*, an dono – a bis zur dësjäreger Generalversammlung – vum President vum Daachverband *Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer* gedroen huet, a gläichzäiteg Sekretär, respektiv Member vum regionale Landjugendgrupp *Zenter* war, wëlle mir op dëser Plaz e grousse Merci fir seng beispillhaft Aarbecht a säin Asaz fir eis Jugendorganisatiounen ausschwätzen. Mir wënschen him weider „Bonne Chance" bei allem, wat hie virhuet.

Wat eis Aktivitéite betrëfft, wollt ech nach kuerz uschwätzen, datt mir dëst Joer nees eis 36-Stonnen-Aktioun organiséieren, déi

sougenannte Landjugend-Power-Aktioun. Si gëtt bekanntlech am 2-Jores-Rhythmus duerchgefouert. Um Weekend vum 10. bis 11. September sinn deemno déi 7 regional Gruppen a 7 Gemengen op benevoler Basis fir d'Allgemengheet aktiv. Fir si sichen déi jeeweileg Gemengen e Projet aus, dee bis kuerz virum Ufank vun der Aktioun geheim bleift.

Leif Leit, erlaabt mir elo nach just e puer Mercien auszedrécken:

- Dëst Joer ass et jo de regionale Landjugendgrupp *Zenter*, dee fir d'Organisatioun vun dësem Dag zoustänneg ass. Esou wëll ech dem President Fränz Kass – an der ganzer Equipe – Merci soen, fir den Engagement am Interessi vun der *Landjugend*, a besonnesch, fir d'Organisatioun vun dëser 42. Oplag vum Landjugenddag.
- Och dem Här Buergermeeschter Thierry Lagoda an de Gemengeresponsable vu Biekerech e grousse Merci, datt si sech fir d'Duerchféierung vum 42. Landjugenddag an der Biekerecher Gemeng ausgesprach hunn.
- Dësweidere wëll ech den zoustännege Ministären an Organisatiounen, déi äis all Joer nees finanziell ënnerstëtzen, vun hei aus mäi grousse Merci ausdrécken.
- E grousse Merci geet un eise Romain, den National-Aumônier vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren*. Hie steet äis trotz senger viller Aarbecht ëmmer mat Rot an Dot zur Säit.



*Um Éierewäin, am Pompjeesbau vu Biekerech konnten niewent dem Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich, dem Landwirtschaftsminister Fernand Etgen, dem Staatssekretär Camille Gira, dem Buergermeeschter Thierry Lagoda, eng Rei Deputéierte begréisst ginn*



*Och den 42. Landjugenddag war e grousse Succès. Vill jonk Leit hunn sech et net entgoe gelooss, fir e puer flott Stonne bei beschtem sonnege Wieder zu Biekerech ze verbréngen…*

## D'Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren an der Oktav 2016



Wéi et zur Traditioun vun eisem Verband gehéiert, hunn och dëst Joer nees eng Rei vu Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren (LLJ) de Wee an d'Oktav bei d'Muttergottes fonnt, fir hir Éier ze erweisen.

Während der feierlecher Eröffnung vun der dësjäreger Oktav hunn d'Vertrieder aus dem Landjugendgrupp Zenter, déi dëst Joer fir d'Organisatioun vum Landjugenddag zoustänneg waren, Wäin a Brout op den Altor bruecht. No der Mass huet de Fränz Kass, President vum „Zenter" (2. v.l.), zesumme mat senger Equipe vun der Geleeënheet profitéiert, fir den Här Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich op de Landjugenddag op Biekerech ze invitéieren.

Och e Sonndeg, den 1. Mee 2016, hunn sech eng Rei Memberen, Ancienen, Frënn a Bekannten hannert dem Fändel vum Verband versammelt, fir sech un der Oktav-Schlussprëssessioun ze bedeelegen. De Fändel gouf vum Jeff Boonen, President vun der LLJ, duerch d'Stroosse vun der Uewerstad gedroen.



*… a sech bei de flotte Spiller, déi déi Verantwortlech vun der Landjugend Zenter fir si preparéiert haten, auszetoben an ze amuséieren*

- Op kee Fall wëll ech d'Chantal Heuschling an de Franz Glodt aus eisem Sekretariat vergiessen. Merci fir hir Aarbecht, déi si mat vill Engagement uginn.

- Mir bleift elo just nach ee Merci, an dee geet un Iech all. Et ass fir mech eng grouss Freed, datt Dir erëm – oder och eventuell fir d'Éischt – de Wee bei d'Landjugend fonnt hutt.

Ech wënschen Iech e schéinen Dag an hoffen, Iech dat nächst Joer erëm op Christi-Himmelfahrt, de 25. Mee 2017 zu Ierpeldeng ze gesinn.

*Ech soen Iech Merci!*

---

*Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.*

## Scheckiwwerreechung vum „Bazar de Solidarité" vu Bouneweg



*Foto: Gilbert Linster*

Freideg, de 15. Abrëll 2016 hunn déi Verantwortlech vum „Bazar de Solidarité" vun der Par Bouneweg op hir Scheckiwwerreechungen an de Foyer paroissial agelueden.

Niewent de generéise Schecken, déi un d'Associatiounen „Aktioun-ABC", „Bonnievale-Project", „PPPE A.s.b.l." a „Fond Wonschstäer" gaange sinn, krut d'Vizepresidentin vun der ONG-D „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l." e Scheck am Wäert vun 2.000 € fir d'Kooperatiounsaarbecht an Afrika iwwerreecht.

D'Madame Marie-Claude Dornseiffer-Marx (1.v.l.) huet deene Verantwortleche vum „Bazar de Solidarité" am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG-D hire grousse Merci fir dee wonnerbare Gest ausgeschwat an ënnerstrach, datt déi gespente Suen integral an d'Aktioun „Neit Equipement fir d'Maternité vu Soa am Kamerun" fléissen.

## Weider Ënnerstëtzungen

Der Famill vum verstuerwenen ***Här Robert Schaas vu Lannen*** dréckt de Verwaltungsrot vun der ONG säi chrëschtlecht Bäileed aus. Si huet an hirer déiwer Trauer en Zeeche vun Hoffnung fir mannerbemëttelt Bauerefamilljen an Afrika gesat.

---

Bei Geleeënheet vun hirem 89. Gebuertsdag huet d'***Madame Louise Strotz-Peters vun Ierpeldeng*** der ONG en Don vun 1.000 € zoukomme gelooss. Mir wënschen hir nach vill schéin a glécklech Joren am Krees vun hirer Famill.

***Allen Donateure soe mir e ganz grousse Merci fir déi generéis Ënnerstëtzunge vun eiser Kooperatiounsaarbecht an Afrika.***